

WANDROUS

N°374 Wäimount / Allerhellegemount / Krëschtmount 2019
Oktober / November / Dezember



Kennt 5 mol pro Joér raus
Abonnement 25,00 Euro
CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
Chefredakter: MOYANO Guy (Crotale)
 > resp. CheffenEkipp LBB
Verantwortlech vir Drock an Verschécken: LBB
E-Mail: wandrous@lionsbleus.lu
<http://www.lionsbleus.lu>



!!! Lies d'Wandrous dann bass du émmer up to date !!!

Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwver deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiånsdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiånsdo eng Grimmelmancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weee'r gaang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do worn di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach èmmer Cheffen do, di sech èm Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home ènnerhal, gebotzt, vergreissert gin ass an nach èmmer gebotzt an ènnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joér vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



Dann zéck nüt an gëff elo direkt Member vun den “AMIS DES LIONS BLEUS”

? VIRWAT ?

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer allegueren mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'Amis des Lions Bleus sin Leit di nüt wëllen, nüt kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëlfelen: duerch en regelméisseggen Don.

D'Capital waat esou am Laaf vum Joér zesummen kënnnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joér op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ènnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem “ordre permanent”*
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ênnen an Uewen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech fréén mir ons iwvert en émolegen oder regelméisseggen Don!

** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprétz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach èmmer mat Fréd dobái!

Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!

Wandrous Publicitéit

Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!

Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!




Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!



Paulinstrasse 25



D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joér kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de

WUERT vun de Cheffen un d'Elteren

(texte français sur www.lionsbleus.lu sous " Publications ")

Fir können dëst Scoutsjoër besser ze organiséieren, bidden mir lerch folgend Zeilen ganz gudd duerchzeliesen an ze respektéieren.

VIRWAAT dës Säit?

Mir wëllen heimat eiser jonker & motivéierter Cheffenekipp d'Liewen erlichteren an sie an hierem Benevolat énnerstëtzen. Regelméisseg musse mir e Mangel u Respekt virun den Deadlines feststellen.

ALLGEMENGES zur Organisatioun Scoutsjoör 2019-2020

Versammlungen: Ëmmer vun 14-16 Auer & Oofmellen (mat Zäit) falls de nüt solls kommen, dem Wieder ugepassten/aal Kleeder undoën, Kaap, evtl. eppes ze drénken (Bidon) & natürlech Schlappen fir am Home > Alles mam Numm gezechent !!!

Sortie/Aktivitéit: Dem Wieder ugepasste Kleeder, Bierschong, Kaap/Sonnecréme, eppes ze drénken (Bidon), K-Way an all aanert Equipement waat op der Invitation steet.

Bezuelen/Souchen: D'Lëschten vun den Paiementer/Umeldungen ginn virun der Aktivitéit nogekuckt. Falls dës nüt erfollegt sinn, muss een leider doheim bleiwen.

Medikamenter: Dës w.g.l. um Rendez-Vous dem responsablen Chef oofginn, fir dat op den jeweilegen Aktivitéiten d'Anhuelen vun dësen garantéiert kann ginn.

Behuelen: Wann eis sollt een Kand négativ opfaalen, aus der Reih danzen, Onrou énnert der Groupe stëften...hueLEN mir eis d'Recht, d'Elteren unzeruffen fir d'Kand sichen ze kommen, egal wou d'Aktivitéit stattfënnt.

Uniform: Den Foulard ass émmer Pflicht & op den Aktivitéiten hues du selbstverständlech däin Uniformshiem un, fir den Scoutsprinzipien trei ze bleiwen. Falls eppes aaneres erwënscht ass, schreiwen mir dëst émmer an d'Invitation.

SPILLREGEEN fir aktiv Memberen vun den Lions Bleus

Mir bidden lerch also folgend Fichen

1_Wuert vum Chef un Elteren 2_Fiche médicale 19-20

komplett & korrekt auszefällen, ze énnerschreiwen an wgl per Pabeier bei engem Chef oofzeginn oder per Post (B.P. 23 L-5801 Hesperange) zoukommen ze loosSEN bis allerspíeidstens den 9.11.2019.

>>> Hun mir dës Fichen nüt virum Stéchdatum eran kritt,

>>> kann ärt d'Kand leider nüt méi participéieren !!!

Frëndlech Scoutsgréiss :)

Ech _____ Mamm/Papp vum _____ hun
folgend Spillregelen geliess an wëll dës gären respektéieren fir eis an den Cheffen d'Liewen méi liicht ze maachen.

Datum _____ Ënnerschrëft _____

HOT - important - HOT

Fiche Médicale

Léiw Elteren,

Vum létzebuergeschen Gesetz hir sinn mir verpflicht, émmer um neisten Stand ze sinn, waat d'Gesondheet an d'Wuelbefannen vun ärem Kand ugeet. Dowéinst wëllen mir lerch bidden, fir d'Scoutsjoër 2019-2020 eng Fiche Médicale auszeféllen an den Cheffen oofzeginn. Dës ganz Donnéen ginn vertrauléch behandelt an ginn vun den jeweilegen Cheffen en Diskretion stockéiert.

Gesetzlech sinn mir ausserdem verpflicht, no engem Joër dës Fichen ze vernichten, esou dass keen méi Accès op dës Donnéen huet.

Dës Fiche fann dir op eisem Site énnert dem Lien "Publications" (<http://www.lionsbleus.lu>). Déi komplett ausgeföllten/ënnerschriwwen Fiche Médicale kënn dir dem respektiven Chef oofginn oder op eis Boite Postale schécken.

Leider können mir ärt Kand nüt méi matzehuelen, wann dës Fiche nüt bis den 9. November 2019 richteg ausgeföllt bei ons ukomm ass.



**Fiche santé individuelle
2019-2020**

A compléter par les parents ou tout autre tiers au début de l'année scolaire et avant le camp. Cette fiche a pour objectif d'élire au plus près des critères individuels vos préoccupations de sécurité. Elle sera un appui pour les responsables accueillant le participant lors de vos sorties. Il est essentiel que les renseignements que vous fournissez soient complètement correspondants à la réalité au moment des activités concernées. N'hésitez pas à ajouter des informations supplémentaires ou à joindre une attestation si cette fiche semble utile.

Identité du participant

Nom : [redacted] Prenom : [redacted]
Date de naissance : [redacted] Nationalité : [redacted]
Adresse : [redacted]
E-mail : [redacted]

Personne à contacter en cas d'urgence

1. Nom & Adresse : [redacted]
Lien de parenté : [redacted]
E-mail : [redacted]
2. Nom & Adresse : [redacted]
Lien de parenté : [redacted]
E-mail : [redacted]

Médecins traitants

1. Nom & Adresse : [redacted]
E-mail : [redacted] Télé : [redacted]
2. Nom & Adresse : [redacted]
E-mail : [redacted] Télé : [redacted]

Informations à déclarer concernant la santé du participant

Le participant ne peut pas participer aux activités proposées (sport, excursion, pique-nique, randonnée, ...).
Histoire d'opacité ou de non-participation : [redacted]

Y compris des problèmes médicaux spécifiques importants à connaître pour le bon déroulement de l'activité du camp (ex.: problème cardiaque, hypertension, asthme, diabète, mal des transports, rhumatisme, spondylose, affection de la peau, handicap moteur ou mental...) Indiquer la fréquence, la gravité et les actions à mettre en œuvre pour les éviter ou les y réagir.

Chers parents,

Vu la législation luxembourgeoise, nous sommes obligés à être à l'actuel de la santé et du bien-être de vos enfants. C'est pourquoi par la présente, nous vous demandons de remplir correctement et signer une fiche santé individuelle de votre enfant pour l'année scoute 2019-2020 et de la remettre aux responsables respectifs. Ces données évidemment personnelles sont garanties à être traitées avec discréction et ne sont utilisées que par les personnes responsables concernées.

Egalement, obligés par loi, après 12 mois, nous procédons à la destruction définitive des données pour supprimer tout accès aux données confidentielles.

Vous trouverez cette fiche sur notre site internet sous le lien "Publications" (<http://www.lionsbleus.lu>). Nous vous prions alors de bien vouloir remettre cette fiche dûment remplie aux responsables respectifs ou de l'envoyer à notre boîte postale.

Votre enfant ne peut malheureusement plus participer aux activités, si cette fiche n'est remplie et remise avant le 9 novembre 2019.

Merci pour votre compréhension


Meilleures salutations scouts :
Gremium chefs de groupe

Tip-Top Uniform

Tip-Top Uniform

Op deenen meeschten Aktivitéiten wéi Pow-Wow, Sorties, Camps oder Weekend'er, doen mir eis **Uniform** un. Fir dass du wees, ewéi eng **TIP-TOP UNIFORM** ausgesait, hu mir elo hei eng kleng Erklärung ginn. Esou ass hei e Beispill vun der **Uniform**, wéi's du an Zukunft solls op Aktivitéiten undoën, wann së gefuerdert ass.

Hues du nach **Froën**? Dann kanns du gären **däin Chef** froën, dat hien dir alles erklärt waat's du nach wëssen wëlls.



Am **LBB-Shop** an **eisem Home** kriss du **Gruppensaachen** ewèi:

> **Pullover, T-Shirt, Kaap & an nach villes mèi ...)**

Du kriss also Alles waat mat de **Lions Bleus** ze dinn huet, awer och Kniert fir an däin Foulard, Scoutsbichelecher ewéi och de Vademecum...

Fir däin **Uniformshiem** ze kaafen, muss du an **d'FNEL op den Cents** fueren. Do kriss du och däin richtegen **Rimm** an all d'**Badger** déi op dénger **Uniform** sollen sinn.

Dës Saachen déi hei opgelëscht sinn an der Zeechnung sinn **Pflischt** op der **Uniform** an gehéieren zum **Beaver/Wöllefchen/Scout/Explorer/Rover** wéi den Kapp um Hals, vum Foulard bis bei de Rimm.

Cheffen 2019-2020

Simply present LBB-STAFF for 2019-2020:

Léif Elteren,

Dëst sinn dèi Jugendläch (an manner Jugendläch) deenen Dir Är Kanner roueg kënnt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach dèi vun der FNEL verlaangt gët fir kënnen Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité. Zéckt nüt fir Sie ze kontaktéieren wann Dir Froën hudd oder zusätzläch Informatiounen braucht.



Chef de Groupe / Assistants Chefs de Groupe:

Flammang Adrien (Bagheera)

contacts:

Englebert Lara (Spitzki)

Heinen Catherine (Kaa)

Fischer Manon (Tamia)

Allgemeng E-Mail: cheffen@lionsbleus.lu

just Chef de Groupe: cg@lionsbleus.lu

BEAVER (BV)

FLAMMANG Raphaël (Hawky)

Konto:

ENGLEBERT Lara (Spitzki)

Les Lions Bleus - Beaver

SCHMITT Lena (Inia)

> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

HEINEN Nora (Quagga)

Allgemeng Email: beaver@lionsbleus.lu

MEUTE (LX)

FLAMMANG Adrien (Bagheera)

Konto:

HEINEN Catherine (Kaa)

Les Lions Bleus - Meute

SIMONIS Sara (Raschka)

> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

FRANTZ Anne-Marie (Tschill)

Allgemeng Email: meute@lionsbleus.lu

TROUPE (SG)

LAMAMRA Harry

Konto:

MAJERUS Ketty

Les Lions Bleus - Troupe

PEPIN Cédric

> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

SIMONIS Charel

Allgemeng Email: troupe@lionsbleus.lu

EXPLORER (EX)

MAJERUS Max

Konto:

MACÉ Eric

Les Lions Bleus - Explorer

REIFF Felix

> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

Allgemeng Email: explorer@lionsbleus.lu

Halloween-Party

fir Beaver & Wöllef (BV/LX)



Dës Joёр ass ét nees esou wäit !

D'Lions bleus lueden d'Beaver & d'Wöllef an,
op eng grujeleg HalloweenParty bei eis am Home.
Mat Musék, Lessen, Gedréngs, Spiller & ...



An natiirlech gehéiert eng cool an grujeleg Verkleedung och dobäi !
Mell déch séier un, sou dat mir alleguer d'Zutaten fir den Zaubertrank
bestellen können.

... ha - ha - ha - ha - ha ...



Rendez-Vous & Retour:

Samstes, den 02.11.19 um 16:00 beim Home

Samstes, den 02.11.19 um 21:00 beim Home

Präiss:

5 Euro sinn op den Rendez-vous matzebréngen

Souche:

ass uofzeginn bis spéitstens den 26.10.2019 !!!

Waat brauchs du:

Eng cool & virunallem grujeleg Verkleedung ...

Heimat erlaaben ech _____ mèngem Kand

_____ den 2.11.2019 op d'HalloweenParty matzegouen.

Datum & Ënnerschrëft: _____



LBB Schaff-Weekend

fir jiddereen

!!! UN ALL EXPLORER, ROVER, CHEFFEN, COMITE, AMICALE, CP'en & FRËNN !!!

D'Fénsteren si knaschteg, d'Hott fetteg, Mauren beschmiert, iwwerall Spawecken, Luuchten déi nüt méi fonctionnéiren, Plättercher déi lass sinn an ...



Domadder soll elo Schluss sinn. Dofir gesinn mer ons um Schaff-Weekend vum **9.-10.November 2019** am Home vun den Lions Bleus. Den ganzen WE kascht nix/nada=0 €, awer e Kuch oder Taart > daat soll awer nüt däin Schued sinn. Natiirlech gët nüt némme geschafft. NeeNee !!! Mir wärten all déi Léit belounen déi esou tatkräfteg gehollef hun de ganzen Weekend! Waat gët gemaach? Daat ass eng Iwwerraschung. Mee dir soll gesoot ginn, dass Näischt vun Näischt kënnt :):)) Allerdéngs ass émmer eng Aarbëscht dobai déi dir perséinlech am beschten gefällt an déi's du och gudd kanns! Besser kanns du nüt ewech kommen! An waat mer zu mèi sinn, waat besser!
**Also mell dëch séier mat der Souche un
oder schreiw e Mail op cg@lionsbleus.lu !!!**



WICHTEG INFOS:

Rendez-Vous:

Den 9.November 19 um8 Auer MAT Kaffi
.....9 Auer OUNI Kaffi

Schluss:

Den 10.November 19 um 16 Auer.

Wou?

Natiirlech am Home.

Waat brauchs du?

Schaffhännchen, nüt déi neisten Kleeder &
natiirlech gudd Laun an vill Motivatioun...

dèng SOUCHE:

Dës kanns du oofgin bei engem Chef / Comitésmember
oder du schécks eng Mail op cg@lionsbleus.lu



Heimat mellen ech _____ möch un fir de Schaff-Weekend am Home fir
den 9.-10.November 2019 an kommen

- um 8 mat Kaffi
- um 9 ouni Kaffi
(WEG ukraizen)

Énnerschrëft: _____



Wanterhike 2019

Hallo Explorer!

Hues du Loscht en relaxen Dag mat aaneren Explorer aus dem Land ze verbréngen an e bëssen duerch d'Land ze tréppelen?

Dann ass eisen **Wanterhike**, den **17. November 2019** genau daat
Richtegt fir déch an déng Unitéit!



INFOS

START

um 08h00 bei der Gëlle Fra an der Staat

SCHLUSS

um 18h00 op der Gare zu Miersch

PRAISS 9€ / Nues

sinn ze iwwerweisen bis 2.11.19

(Lions Bleus-Explorer: BCEE-LU30 0019 4955 9102 6000)
mat der Mention:

W-Hike'19&Numm vum EX

MATERIAL

déi üblech Saachen, dem Wieder ugepasste Kleeder, gudd Schong Rucksack, gefällte Bidon, Gamelle, Orientatiounstrousse ...

SOUCHE

ass oofzeginn bis den 2.November 2019!

Ech erlaaben heimat méngem

Explorer um EX Wanter-Hike
2019 den 17/11/2019 vun der FNEL deelzehuelen.



Ënnerschrëft Régime alimentaire:

SchlittschongSortie

fir Beaver(BV)



**MIR ginn
SCHLITTSCHONG
fueren !!!**

Sou lues verstëpsen eis Schlittschong am Keller an dofir gët ét héisch Zäit dass mir së mol erëm benotzen!!! Mell dëch also schnell un fir dat mir och mat DIR e puer Pirouetten dréinen kënnen.

Wèini:

**Den 30.November 2019 um 14:00 baussen bei der Entrée vun der Schlittschongspist op der Kockelscheier
(42 route de Bettembourg L-1899 Luxembourg)**

Retour:

17:00 baussen bei der Entrée vun der Schlittschongspist

Präiss:

2€ sinn mat op den Rendez-vous ze brëngen + 2,5€ fir d'Locatioun vun Schlittschong

Souche:

ass oofzeginn bis spéidstens den 23.11.19 !!!

Waat brauchs du:

**Passend Kleeder undoën !!!
(Hänschen,Schaal...), eppes fir ze drénken an eppes Klenges fir ze iessen/Snack !!!**

BEAVERKLACK

Spitzky,Hawky,Keeo,TicTac,Inia,Quagga

Heimat erlaaben echmèngem

**Beaver
den 30.November 2019 un der Schlittschong-Sortie deel
ze huelen.**

**.....
Schonggréisst vum Kand**

**.....
Ënnerschrëft**



LBB Kleeschen

fir de ganze Grupp

HO - HO - HO

Si schon ganz ongedölleg fir op Bouneweg an den Dall bei mèng allerléifst blo Léiwen ze goën an mat hinnen mäin Féierdaag ze feieren. Dëst Joér gesinn mir eis allegueren den **6.Dezember 2019** am Home vun den Lions Bleus. Wéi èmmer brèngen ech Ierch dann waarmen Schocki an een rieseg an knusperéchen Kuchenmännerchen mat.

Also ech sin dann Freidesowes, den **6.Dezember Punkt 18:00 Auer** am Home bei den Lions Bleus. Ech muss nach an mèngem groussen Buch checken op ech den Housécker brauch, well den brèngt dann dèi néideg Rutten mat. Wann d'Lions Bleus awer am Laaf vum Joér OK waren, da kann deen aalen Granzsaack awer doheem bleiwen. Och wann mer dëst Joér bëssi mèi frèi feieren, sou hun ech awer nach ganz vill Aarbëcht um Bockel.

Dofir bieden ech Dëch, dass du och wiirklech pünktlech um **18:00 Auer am Home bass**, an daat an dènger tiptoper Wanteruniform.

Gehei dofir dèng **Souche** bis den **23.November** an mèng **Bréifkëcht** well soss verzweiflen mèng Engelcher erëm, wann së bis den leschten Moment nüt wëssen wèivill Thermoskaanen mat Schoki an wèivill Boxemännecher së mer sollen anpaacken.



Léiwen Kléschen, gudden Kléschen
hei ass dem

also mèng Souche. Ech hun och ganz fläisseg
dèng Lidder geübt, an mèngen Elteren gesoot
dat ét wichteg wier den **6.Dezember 2019 an tip-topper**
Uniform & um Punkt **18:00** Auer am Home
ze sinn, wëlls du en gestressten Kleeschen wiers.
Si kommen méch nees fir
21:00 Auer beim Home oofhuelen.

Ënnerschrëft vun mèngen Elteren




Bear Grill Sortie

für Scouting (SG)



Als ob ét nëmmen een BearGrylls ka ginn. No désem Weekend huet jiddereen sain Challenge bestaanen. Well wien eng Kéier beim BearGryll's sénger Survival Sortie matgemaach huet gehéiert zu den Survival-Profis. Mir bidden Iech l Daag laang d'Méiglechkeet Survival-Techniken ze léieren. Wann dës Sortie eriwwer ass, da kënn dir mat Liichtegkeet an all Klima an énner allen Konditiounen an der Wildnis iwwerliewen. Also ob waat waard dir nach???

Mell Iech un, gidd zu engem Iwwerliewenskënschtler an maacht d'Wildnis zu ärem zweeten Doheem !!!



Wéini & Wou ???

Départ: 10:00 den 14.12.2019

Retour: 18:00 den 14.12.2019

Adress: Um Parking/Spillplatz vum Hotel Siewebueren
(36, rue des Septfontaines - L-2534 Luxembourg-Rollingergrund)

Präiss: 10 € sinn ze iwwerweisen/oofzeginn
bis spéidstens den 30.11.19
op de Compte: Les Lions Bleus-Troupe (BCEE LU65 0019 4955 9100 5000)
mat der Mentioun "BGS'19+Numm vum Scout"

Material: Dem Wieder ugepasste Kleeder!!!
>>> ET GËT KAAL AN/ODER FIICHT!!!
...dem Scout seng IwwerLiewensUtensilien
& Bidon mat Waasser



Ech _____ mellen heimat mäin Scout/Guide


_____ op d'BEAR GRILL SORTIE (BGS'19)
vun den Lions Bleus, déi den 14.12.2019 stattfënnt, gär un.

Datum & Énnerschrëft: _____

ROVER-Weekend

fir d'Rover(RO)

ROVER-TEMBO WEEKEND Wanter Editioun 2019



Ganz genee, du lies richteg,
am Dezember steet en Rover-Tembo-Weekend virun der Dier.
Sou an elo nüt méi laang gesabbelt, du wees jo souwisou ém waat ét
geet... Also mell dëch einfach un ;)

Wéini: 14.-15. Dezember 2019

Rendez-Vous: 14. Dezember 2019_9:30 Auer_Gare Dommeldange

Retour: 15. Dezember 2019_ongefèier 17:00 Auer_Gare Dommeldange
!!! more details infos after inscription !!!

Material: Pic-Nic fir Samschdes-Mëttes, Gegrills fir SO-Mëttes, Carry-Mat, Schloofsaack, e Rucksack voller Informatiounen & Motivation, 8 8-técher,

Däin groussen Rucksack gët wèi émmer gefouert an däin klengen Rucksak hëlls du mat ob den Trajet...

Umeldung bis spéidstens den 30. November 2019,
per mail op: olamesch@pt.lu

- - - - - Also bis dann um RoverTemboWeekend - Wanter Editioun 2019 - - - - -



Krëscht-Camp

fir d'Beaver(BV)



Bass DU motivéiert
nei an aal Filmer / Serien ze entdecken?



Wann JO,

dann mell déch un fir den mega coolen Camp.
D'Filmer an d'Serien wärten voll mat
Action, Emotiounen & Power angepaack sinn.



Wèini: 21.-23.12.2019

Rendez-Vous: 21.12_Samstes um 09h00 op der Gare Centrale Luxembourg
Retour: 23.12_Mëindes um 11h00 beim Home LBB



Präiss: **40€**, sinn ze iwwerweisen bis den 7.12.2019 op den Compte:
'Les Lions Bleus-Beaver' mat der Mentioun: KrëschtCamp19+Numm
vum Participant (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000)

Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 6.12.2019 !!!



Waat brauchs du:

dem Wieder ugepassten Kleeder & Ersatzkleeder, Bidon m.Waasser, Täscheluucht,
Gamelle(Gamelle, Besteck/ Becher, Kichenduch), Schloofsaack, Schloof- &
Wäschsaachen...



GANZ WICHTEG !!!

Verkleed déch als eng Figur aus engem vun déngen Lieblings- Filmer/Serien ...

Heimat erlaaben ech mèngem

Beaver deelzehuelen um Krëschtcamp
vum 21.-23.12.2019 an iwwerweisen d'Suën & ginn Souche am Délia oof !

Ënnerschrëft:

Krëscht-Camp

fir d'Wellef(LX)


Verschollen am Weltall Krështcamp LX

Opgepasst, opgepasst hei schwätzt de Kapitän vum Raumschëff Niwwelbriecher




Duerch en technësche Problem goufen mir alleguer 500 000 Liichtjoer vun der Äerd fortgeschoss. Elo si mir hei gestrand an enger aanerer Galaxie wou alles aaneschtes ass wéi bei eis.

Elo brauch ech är Hëllef fir dass mir erëm Allegueren zréck Heem kommen!




Du muss beweisen op an dir och een richtegen Kapitän stécht an all Aufgaab déi op dëch duer kënnt meeschteren kanns fir erëm Heem ze kommen!

Komm mat op en Abenteuer waats de sou nach nüt erlieft hues an enger friemer Welt.



**Start :
Finnish:**

Freides den 27. Dezember um 14:00 op der Gare Centrale LUX
Sonndes den 29. Dezember um 14:00 beim Home zu Suessel
(18, rue du Château L-4992 Sanem)




Präiss:

35 Euro sinn ze iwwerweisen bis de 14. Dezember op de Compte:
Les Lions Bleus-Meute (BCEE IBAN LU56 0019 4955 9099 1000)
mat der Mentioun: KC Weltall 2019 + Numm vum Kand



Souche :

ass oofzegginn bei déngen Cheffen bis de 14. Dezember.



Material:


Bierschong, Bidon, dem Wieder ugepasste Kleeder, Schloofsaäck déck Jackett, Pyjama, Wäschsaachen, Täscheluucht, komplett Gamelle, Kichendicher ...

Heimat erlaaben ech _____ mëngem Kand

vum 27.-29.12.2019 op den

Krështcamp am Weltall matzegoen.

Datum & Ënnerschrëft: _____



Krëscht-Camp

fir Scouten(SG)

ECH HUN ELO NËMMEN E BËSSELCHEN ZÄIT...

ECH WEESS DASS HIEN MIR NO GEHT...

BITTE ECH BRAUCH ÄR HËLLEF, ECH WEES NËT WAAT ECH MAACHE KANN...



DIR SIDD LÉIF SCOUTEN, LEIDER DI LESCHT
DI MIR NACH HËLLEFEN KËNNEN, FALLS NËT
DANN SITT ECH VERLUER!!! ECH WEES DASS
HIEN GANZ NO ASS, HIEN LEEFT MIR IWWER-
ALL NO. ECH ERKLÄREN IECH AWER ALLES
VUN FIR: ECH SITT DE JEFF AUS SPIOUNIEN
AN ECH HUN AN DE LESCHTE WOCHEN GE-
MIERKT DASS ECH VUN ENGEM GROUSSSEN AN
DÜSTEREN MANN VERFOLLEGT GINN. DAAT
HUELT EREICHT UGEFAANGEN WIE ECH E
BRÉIF HEEM KRUUT MAT JUST ENGEM BILD
DROP. GROUSS STEET OP DËSEM BILD ISRIK !!!
ECH WEES NËT WAAT DAAT BEDEIT ODER

WAAT DI LEIT MAT MIR WËLLES HUN? MEE ENG SAACH ASS SËCHER, OUNI ÄR
HËLLEF WÄERT ËT GESCHWËNN MAM JEFF AN SÉNGEN ABENTEUER FÄERDEG
SITT...DIR MUSST MIR ALSO ONBEDÉNGT OP DËSEM DATUM HËLLEFEN !!!



TOP SECRET



DEPART: Donneschdes 20200102_9:30 op der Gare de Luxembourg...

RETOUR: Samstes 20200104_16:30 och op der Gare de Luxembourg...

TOP SECRET

PRAISS & SOUCHE:

32£ (35€) sinn ze iwwerweisen bis spéitsdens den 20.Dezember 2019 op de Compte:
Les Lions Bleus-Troupe (BCEE LU65 0019 4955 9100 5000)
mat der Mentioun "ISRIK'20+Numm vum Scout"

MATERIAL : Klenge Rucksack mat Schwammsaachen, PICNIC fir mëttes, Bidon
m.Waasser, Biergschong, dem Wieder ugepassten Kleeder, Schloof-
saack&Carrymatt, Ersatzkleeder, Wäschsaachen, Pyjama, Täsche-
luucht&Messer, Gamelle/Besteck/Becher, Kichenduch, dem Agent
säin perséinlecht Material ...



TOP SECRET



TOP SECRET

HEIMAT ERLAABEN ECH

MÈNGEM SCOUT/GUIDE


DEM _____ OP DEN OUSCHTER-CAMP
VUM 02. BIS DEN 04. JANUAR 2020 MATZEGOEN.



DATUM&ËNNERSCHRËFT: _____

Techuana 2020

fir SG/EX/RO/TB...



„Der Berg ruft“

Jo ét ass erëm sou wäit, och dëst Scouts-Joër fueren MIR erëm an Techuana.

Du frees dëch also elo schons nees ouni Elektrësch, Heizung an fléissend Waasser ze liewen, op Natur pur, e puer flott Deeg op der Skipist ze verbrénggen, dëch verwinnen ze loessen an der Piscine/Sauna, einfach Wanderen ze goën oder e Buch ze liesen bei der schnurrender Gazluucht an nüt ze vergiessen onsen Remake vum sensationellen Erlebniswanderweg? Dann ass daat hei genee daat Richtegt fir dëch. Mell dëch sou schnell wéi méiglech un, well du wees jo: d'Plaatzen sinn limitéiert!!!!

Wien kann mat goën: jiddereen deen bis den 01.09.2019 --> 14 Joër kruut !!!

Rendez-vous: Freidesowes, den **14.Februar 2020 um 18.30** Auer am Home vun den Lions Bleus.

Zerèck: Sonndesmoies, den **23.Februar 2020 um 11.00** Auer am Home vun den Lions Bleus.

Präiss: Wéi déi letzt Joër'en splécken mir den Präiss op!

Daat heescht 380 Euros fir Transport, lessen, Sauna/Schwämm & déi Léit déi Ski fueren, mussen nach 195 Euros fir den Skipass bezuelen.

Am Kloertext elo:

Basic-Pack (Programm, Transport, lessen, Schwammen) --> bezuelen **380** Euros.

Basic-Pack & Skipass (mat eegenem Skimaterial) --> bezuelen **575** Euros.

(> Hues du keen eegent Skimaterial, kriss du an der Elterenversammlung weider News wèi's de daat solls maan...vue-que dat d'Lounen vun Dësem hei zu Lëtzebuerg mèi gënsteg ass ewèi sur place an Eisterraich)

bis spéidstens den 1.02.2020 mat der Mention "Techuana 2020".

D'Geld ass ze iwwerweisen op den BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000 „Les Lions Bleus - Rover“

Täschegeild: dëst Joër ginn och 50 Euros duer :)

Material: (waarmen)Schloofsaack, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox, 2 puer Hännchen, eng Mutz, en Schaal, Turnschlappen, déck Schong, Schwammsachen (fir d'Sauna an d'Piscine), Wächsachen, Bidon, Tächenluucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (dien an den Auto matgeet an wou deng perséinlech Saachen dran sinn, an fir an d'Schwämm, a.s.w....

Elterenversammlung: Fir déi Leit déi mat ginn ass déi **Versammlung obligatorësch!!!**

Dës ass Mëttwochs den 4.Dezember 2019 um 19.15 Auer am Home vun den Lions Bleus. Hei gëss du gewuer wèi den Camp wärt ooflaafen an du kriss och däin perséinlechen Dossier wou Kopien vun dëngen Pabèieren dran kommen, mat der Fiche Médicale an der Apaacklëscht.

D'Souche muss du schnellstens oofginn sinn, well soss bass du nüt officiel ungemëllt!!!

SOUCHE - SOUCHE

Ech erlaaben mèngem Scout, Explorer, Rover

mat um TECHUANA-Wantercamp 2020 (14.-23.02.20) deelzehuelen.

D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem

Chef oofzegin, **well d'Plaatzen sinn op 20 Lèit limitéiert !!!!!**

Datum&Ënnerschrëft

SOUCHE - SOUCHE

CORSU 2020

ab SG/EX/RO/TB

--- NEWS - Groussen SummerCamp - NEWS ---



CORSU 2020



Endläch ass ét nees souwäit !

No laanger Paus...villem verzielen iwwer zuletzt grouss Gruppenaventuren
(...Portugal, Griechenland, Corse, Pyrenäen...),

steet an dësem Summer dann eng nächst Episode vun eisen traditionnelles Gruppencamp'en un.
Mir fueren fir 3 Wochen an Corse

Dien interesséiert ass an wölles huet matzegoën muss sëch beimaachen,
nët ze laang iwwerleen > well dëst ass eng emoleg Chance & Expérienz.

!!!! PLAAZEN sinn LIMITÉIERT !!!!!

Wèini ? 31.Juli 2020 - 23.August 2020

Fir wien ? Jiddereen kann mat, deen aktiv ass & sëch fit genuch fillt dës
Rees op sëch ze huelen : >>> Scouten ab 14 Joér ...

Präiss ? +/- 1'100 €

Acompte 1 : 200€, non remboursable op:
Les Lions Bleus-Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000)

Ugemellt bass DU réischt wann déng Souche & Paiement vum Acompte 1
bis den 1.Dezember 2019 ukomm sinn!

Provisorësch Unmelldung mèiglech per mail: corsu2020@lionsbleus.lu

Weider Informatiounen an Froën?

Info/Elteren Versammlung > 7.11.2019 um 19 Auer am Home LBB
oder an der nächster Wandrous...

DU hues awer lo schon direkt eng Fro? Dann stell së op: corsu2020@lionsbleus.lu

Gesicht ginn nach?

Minibus(er) fir deen Zäitraum /// Sponsoring an irgendenger Form, wells de eis
wëlls énnerstëtzen, ma dann mell déch bei eis...MIR gëifen eis fir ALL
Énnerstëtzung freen : >>> **VILLMOLS MERCI** elo schon am viraus vun der CORSU-Crew



--- 2020 2020 2020 ----- Grousse Lions Bleus SummerCamp ----- 2020 2020 2020 ---

Heimat erlaaben ech méngem SG/EX/RO um Summercamp
'CORSU 2020' an der CORSE vum **31. Juli 2020 - 23. August 2020** vun de Grupp **Les Lions Bleus** deelzehuelen.

Datum & Ënnerschrëft vum Responsabelen:



Programm Beaver

BV - Programm

Oktöber

- 05. MONTEE
- 12. BeaverVersammlung
- 19. BeaverVersammlung
- 26. keng Versammlung (Vakanz)



November

- 03. keng Versammlung (Vakanz)
- 02. HALLOWEEN-PARTY zesummen mat den LX
- 16. BeaverVersammlung
- 23. BeaverVersammlung
- 30. SORTIE (SchlittSchong)

Dezember

- 06. KLEESCHEN
- 07. keng Versammlung
- 14. BeaverVersammlung
- 21.-23. KRËSCHT-CAMP

Januar

- 04. keng Versammlung (Vakanz)
- 11. BeaverVersammlung
- 18. BeaverVersammlung
- 25. BeaverVersammlung & ASSEMBLÉE GÉNÉRALE LBB



Beaverklack

Hawky, Spitzki, Barry, GriGri, Foxi, Inia, Quagga

Programm Wöllef

LX - Programm

OKTOBER

05.-06.	MONTEE	
12.	Versammlung	14:00-16:00
19.	Versammlung	14:00-16:00
26.	keng Versammlung (Vakanz)	



NOVEMBER

02.	HALLOWEEN-PARTY zesummen mat den BV	
09.	Versammlung	14:00-16:00
16.	Versammlung	14:00-16:00
23.	Versammlung	14:00-16:00
30.	Versammlung	14:00-16:00




DEZEMBER

06.	KLEESCHEN	
07.	keng Versammlung	
14.	Versammlung	14:00-16:00
21.	keng Versammlung (Vakanz)	
27.-29.	KRËSCHT-CAMP	

JANUAR

04.	keng Versammlung (Vakanz)	
11.	Versammlung	14:00-16:00
18.	Versammlung	14:00-16:00
25.	Versammlung & ASSEMBLEE GÉNÉRALE LBB	



Lènks Patt

Bagheera, Kaa, Hathi, Tschill, Raschka...

Programm Scouting SG - Programm



OKTOBER

05.-06.	MONTEE	
12.	TruppenVersammlung	14:00-16:00
19.-20.	DIGITAL WEEK	
26.	keng Versammlung (Vakanz)	

NOVEMBER

03.	keng Versammlung (Vakanz)	
09.	TruppenVersammlung	14:00-16:00
16.	PatrullenVersammlung	14:00-16:00
23.	TruppenVersammlung	14:00-16:00
30.	TruppenVersammlung	14:00-16:00

DEZEMBER

06.	KLEESCHEN	
07.	keng Versammlung	
14.	BEAR GRILL SORTIE	
21. & 28.	keng Versammlung (Vakanz)	

JANUAR

02.-04.	KRËSCHT-CAMP	
11.	PatrullenVersammlung	14:00-16:00
18.	TruppenVersammlung	14:00-16:00
25.	TruppenVersammlung & ASSEMBLÉE GÉNÉRALE LBB	

Harry, Ketty, Cédric, Charel & Aleksis
Lenks Patt



Programm RovEx RovEx - Programm

D`RovEx Branche, eng Branche fir Explorer, Cheffen an Rover bidd eis d'Méglechkeet, méi Aktivitéiten mat enger méi grousser Unzuel vun Léit ze maachen. All Member am Alter vun 14-21 Joér (Explorer 14-16, Rover 16-21) ass wëllkomm hei matzeschaffen an un all eisen Aktivitéiten deelzehuelen.



D`Ziel vun der Branche ass ét, nei Fréndschaften ze schléissen an bestehend Bekanntschaften ze festegen, mee och e Programm ze gestalten deen dem Alter entspricht an de Scoutsgeecht baibehällt an verdéiwt. > Méi Informatiounen bei déngen RovEx Cheffen...

Selbstverständlich sinn Tembo'en (> 21 Joér) och Wëllkomm matzemaan falls dës der Méglechkeet entspricht...

OKTOBER 2019

- 05.-06. MONTEE
- 12. RovEx Meeting
- 19.-20. DIGITAL-CAMP
- 26. keen Meeting (Vakanz)

Aaner wichteg Datumer:

07.11.2019

InfoVersammlung CORSU

14-23.02.2020

TECHUANA

29.02.2020

ROVER-Quiz org.LBB

31.07.-23.08.2020

SummerCamp CORSU

29.08.-13.09.2020

FNEL NEPAL-Camp

...

NOVEMBER 2019

- 03. keen Meeting (Vakanz)
- 09.-10. SCHAFF-WEEKEND
- 17. FNEL EX-Hike
- 23. RovEx Meeting
- 30. RovEx Meeting

DEZEMBER 2019

- 06. KLEESCHEN
- 07. keen Meeting
- 14.-15. ROVER/TEMBO-WEEKEND
- 20.-22. KRËSCHT-CAMP
- 28. keen Meeting

JANUAR 2020

- 04. keen Meeting
- 12. FNEL EX SportsDaag
- 18. RovEx Meeting
- 25. RovEx Meeting & AG LBB

...more to come...



Lénks TAP, Aer RovEx Cheffen

RAPPORT FNEL Pow-Wow

Grupp



Den 7. Juli war ét nees sou wäit! Den Alljährlechen Pow Wow stoung virun der Dier. Um 9 Auer hun mer eis um Parking zu Mondorf virun der Gemeng getraff. Vum RDV aus hun d'BV an d'LX den Bus bis bei den Munnerefer Mais hiert Home geholl. D'Scouten & Explorer hun vum RDV aus een Trajet mat Posten énnerwee gemaach fir bis bei d'Home. Beim Home ukomm hun sëch d'Branchen opgedeelt an konnten dono ganz vill verschidden Posten maachen. Vue dass d'Thema vum Pow Wow dëst Joer Energie & Power war, waren d'Aktivitéiten och all an dem Thema, vun Archimedes Schrauf Erklärungen, bis Wandrieder bastelen an Waassertransport war alles dobäi! Wéi all Joér hun mer un der Throphee matgemaach, wou all Branche een Eliminatoire-Posten maachen misst fir Punkten ze sammelen. Eigentlech hun mer gemengt dass mer relativ gudd gewiercht wieren, mä ét wor leider nüt duer gaangen fir sëch énnert deenen beschten 3 ze landen. Mëttes konnten mer eng Show vum Georges Christen kucken. Hien ass e staarken Mann deen souguer Paanen opdréinen an ganz deck Neel diebelen kann! No all deenen Posten an no der Show war dann d'Partie Officielle, wou d'Lions Bleus fir hier gudd Aarbëcht am Joeë belount goufen. Mer kruutend d'Bonne Colonie, den Trouschtpräis fir d'Bonne Meute an den Foulard d'Or deen mer schon mèi laang nüt mèi kruuten! Mir hun super geschafft dëst Joér an nächst Joér maachen mer genau sou weider! No enger riesecher Chaîne des Adieux hun mer alleguer erëm den Bus geholl fir pünktlech um Retour ze sinn. **Spitzki**



RAPPORT Léiwefest

Grupp



Sou wèi all Joér hun d'Lions Bleus sëch och dëst Joer erëm getraff fir d'Léiwefest ze organiséieren an domadder d'Scoutsjoer 2018-2019 feierlech oofzeschléissen zesummen mat den Elteren & Freënn vun den Lions Bleus. Théma dëst Joer wor Tausend und eine Nacht. Fir dëst Théma hun d'blo Léiwen eng 'Oriental Lounge' opgeriicht souwéi lecker kulinarësch Delikatessen dohinner gezaubert. All enzel Branchen huet hiren Oprëtt dem Théma ugepasst sou dass d'Beaver Elefanten dresséiert, Wellefcher Sketcher opgefouert, Scouting een Quiz organiséiert an schlussendlech Explorer een Danz astudéiert haaten an op der Soirée présentèiert hun. Alles an allem wor ét een flotten an gelongenen Owend an mer freen eis schon op daat nächst Léiwefest ?? **HAWKY**



RAPPORT G-Versammlung

Grupp



Mir hun eis alleguer den 21/09 um 14:00 beim Home getraff. Do ukomm sinn mer härzlech Wëllkomm geheescht ginn an hun eis klassech Gruppenphotos vun ugangs Joër geschoss. Dono sinn mir daat hautegt Thema vun der Versammlung angefouert ginn an sinn fir d'Aktivitéit an 7 Gruppen opgedeelt ginn. All Grupp huet eng Fläsch kritt mat enger bestëmmeter Faarw. All Grupp misst mat engem Dart-pfeil op eng Weltkaart schéißen. Je no Kontinent (deen een mam Dartpfeil getraff huet) misst een op verschidden Posten goën. Op all Posten misst en een aanert Spill spullen. z.B.: Esou vill Petit Beurren an den Mond huelen wèi méigleg ouni dass së zerbriechen, mam Frisbee Dousen émschéissen oder esou vill T-Shirten wèi méigleg an enger Minut undoën. Wann een d'Spill gepackt huet kruut een en bëssen Waasser fir an séng Fläsch. Derneift misst d'Grupp een Froënbou ausfällen. Wien den Froënbou richtege ausgfëllt huet an als éischten d'Fläsch ganz opgefëllt huet haat gewonnen.

Wohlgenannt Amélie



RAPPORT Assermentation

Grupp

Mir hun eis um 14 Auer bei der Badanstalt getraff. Vun do aus sinn mir dann am Grupp bis op d'Kinnèkswiss getrëppelt wou dèi Zérémonie stattfannen sollt. Do ukomm hun mir gewaard bis dann den Ierfgroußherzog ,Guillaume' an Gefolge op der Plaatz ukomm sinn. Während dem Waarden goufen mer awer bëssi animèiert an hun den Danz anstudèiert fir hanno...Dun ass den Futur ScoutChef ukomm an huet am VipZelt Plaatz direkt niewt der Bühn Plaatz geholl mat all séngen Invitéen. Daat wor nüt schlecht, well international Prominenz wor mat um Start wèi den Schwedëschen Kinnèk (Karl Gustav), Weltverband WOSM (Craig Turpie & co) wor mat puer Lèit vertrueden an natiirlech dèi ganz Politik wollt sèch deen Event nüt entgoën loessen an MIR natiirlech och nüt zesummen mat ongefèier 3000 Scouten. An schon konnt ét lassgoën Op Bühn koumen verschidden Scouten (vun der LGS & FNEL) an hun zesummen puer Sketcher fiirgedroen. No engem eisem anstudèierten Daanz an engem Lidd (engem flotten Rapp iwwer Scoutliewen - vum Nicole vun Bouneweg), sinn dunn puer Rieden gehaalginn. Dun wor ét awer endläch esou wäit an den Ierfgroußherzog ,Guillaume' ass op d'Bühn geruff ginn. Do huet hien nach missen Riet an Äntwert ginn...Scouten hun him souzesoën an LagerfeierAmbiance Froën gestallt zu sènger Zäit als Scout. Wou hien dëst dun mat Bravur erleedegt haat, koum ét dun zum offiziellen Deel, wou hien dann virun den Aan vun den LGS, FNEL an all deenen aaneren Invitéen & Spectateuren säin Scoutsverspriechen oofgeluecht huet. Duerno hun mir nach emol den Danz gemeet an ét goung iwver zum mèi lockeren Deel. Lo huet ét Openending geheescht!!! Mir hun souzesoën op eisen neien ScoutsChef den ,Guillaume' ungestouss mat engem Becher Viiz an enger Foulards-Mëtsch. Fir dèi Lèit dèi wollten konnten nach mat him schwätzen oder eng Photo maachen...Géint 18 Auer wor Alles färdeg an mir sinn mir dann erëm zerèck getrëppelt bei d'Badeanstalt wou d'Elteren schon op hier Kanner gewaard hun. **HAWKY**



RAPPORT Montée

Grupp

Rapport Montée

De ganzen Grupp huet sëch um 14:00 am Home getraff. No engem klengen Carré, sinn d'Scouten an d'Explorer op den Trajet geschéckt ginn. D'Wellëf hun während deems d'Montée fir d'Beaveren firbereet. D'Beaver hun sëch dann fir hier Montée prett gemaach. Dèi aal Beaveren sinn dann erop bei d'Wellf gaangen. Dèi nei Beaver hun dëst Joér och eng Montée gemaach. Daat war sou: Dèi "nei Beaveren" sinn dann sou gesoot an "d'Beaver" gaangen. Wou d'Scouten an d'Explorer dann endlech vun hierem Trajet unkomm sinn waren d'Beaver leider schon fort. No dem lessen hun d'Souten sëch dun färdeg gemaach un hun d'Montée fir d'Wellef firbereet. Wou d'Scouten prett waren missten sëch d'Wellef Äddi soeën an d'Montée maachen. (Hei gët wèi èmmer nüt driwwer geschwaat ??) Wou d'Scouts Montée färdeg war sinn déi aal Scouten op d'Explorer Montée gaangen. Dës Nuecht hun d'Explorer nüt vill geschloof.

Den nächsten Moien gouf den Wellëf, Scouten an den Explorer erklärt wèi Scoutsjoer dës Joér esou ooflaafen wärt an ét goufen och gläich dèi nei Sixainen an Patrullen genannt. Um ongefíer 1 Auer gouf nach gebrillt, giess an dono puer Spiller gespillt. Um 3 Auer wor d'Montée dann och schon leider riwwer.

MANON

BV Montée

Mir hun eis um 14 Auer beim Home getraff. D'Beaver hun dann Schwanzklappen gemaach an mat hiirer Montée ugefaangen. D'Beaver sinn eenzel an den Bësch geschéckt ginn, wou dann och een Chef op si gewaart huet. Am Bësch huet dann all 2. Beaver vum Chef een Twix kruut, deen si mat den aaneren Beaver deelen missten. Eben ganz am Thema Beaver Deelen. Dunn sinn si wiedergetrëppelt bis bei d'Spillplaz, wou si dann een Beaverpuzzle fannen missten an den Bibu deen sëch verstoppt hat. No kuerzem Sichen hun së all d'Stecker schliisslech fonnt an hun den Puzzle zesummengesat. Géint halwer 5 sinn mir dann zréck bei den Home getrëppelt wou mir d'Beaverbadger an den Montéesbadge verdeelt haaten. Nom zeremoniellen Deel sinn mir an den Dortoir gaangen fir d'Beavergeschicht fiirzeliesen. No der Geschichtsstonn ass ét dann schliisslech um 6 Auer Heem gaangen.

Hawky



Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News



POSTKAARTEN fir LBB

Fiirs du demnächst an Vakanz...
an wëlls den Lions Bleus gär eng flott Postkaart
schècken?

Dann zèck nüt laang an schèck së op:
Les Lions Bleus BP 23 L-5801 Hesperange
Mir gëifen eis jidderfalls freen an së an der
nächster Wandrous publizéieren.
Also e Grond mèi > fir eng Vakanz :):)



WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News



FNEL SCOUTS-SHOP
Nouv.Adresse:
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:
17:00 - 19:00
Den ScoutsShop ass **ëmmer**
Donneschdes op, ausser
während den Schoulvakanzen!!!

ALLGEMENG Datumer:

26-29/10/2019	BV FormationsCamp	27/11/2019	CoGro
26-29/10/2019	LX FormationsCamp	23/12/2019	Prost'it (Pot Fin d'Année)
26-29/10/2019	SG/EX FormationsCamp	12/01/2020	EX Sportsdaag
08/11/2019	Soirée Chef de Groupe	18-19/01/2020	Tronc commun (TC 02)
09-10/11/2019	Tronc commun (TC 01)	25-26/01/2020	Tronc commun (TC 03)
17/11/2019	EX Hike	08-09/02/2020	Bosses & Bobos

An eisem **SHOP** vun de Lions Bleus am Home LBB zu Bouneweg ginn ét folgend Saachen ze kaafen:

**STARTER
PACK**
**T-SHIRT
&
HOODIE**
VIR 30 EURO

(All Member kritt dëst
eemol vir 30 EURO,
amplaatz vu 40 EUR
déi zwee zesummen)



T-shirt 15€



Knuet 5€



Pullover 25€



Foulard 5€

and many more to ...

Am **LBB-Shop** an eisem Home kriss du Gruppensaachen ewéi **Hoodie, T-Shirt, Foulard & an nach villes mèi.**

Du kriss also Alles waat mat de Lions Bleus ze dinn huet, awer och Kniert fir un däin Foulard, Scoutsbichelecher ewéi och de Vademecum...

>>> Ausserdem verkaafen mir och OccasionsHiemer <<<
du kriss dëst schon fir 15 € ...

Next Datumer wou den SHOP op ass:

... 30/11/2019 ... 18/01/2020 ... 28/03/2020 ...

Dem LEC LEIF séng Säit

Leo Léiw

Count It!

Write your answers in
the chart below.

Name _____



<input type="text"/>				
<input type="text"/>				

How many pictures in all?

MATH HALLOWEEN

$$\text{Pumpkin} + \text{Pumpkin} = 12$$

$$\text{Witch hats} + \text{Witch hats} - \text{Pumpkin} = 4$$

$$\text{Bats} + \text{Bats} = 6$$

$$\text{Black cat} + \text{Black cat} + \text{Witch hat} = 30$$

$$\text{Pumpkin} + \text{Bats} \times \text{Black cat} = ??$$

matematicascercanas.com



HALLOWEEN

Spot the twelve differences



et schéngt

et schéngt

- 01)wèi wann d'Lions Bleus dëst Joër an der Iwwerzuel am Com-Pro an der FNEL vertrueden sinn.
02)dat eisen Härr Caissier op der AG vun der FNEL wuel gemengt haat d'Fénster wier eng Dier gewierscht.
03)wèi wann d'Beaver an d'Wöllefcher gudd verwinnt ginn sinn um dësjährege Pow-Wow zu Munneréf.
04)dat een am LBB Shop 2 nei Saachen ze kaafen gèif kréien an ét sèch lount laanscht luussen ze kommen.
05)wèi wann aus eisen schwäizer Studenten soulues Erwuessen Lèit gèifen ginn an och Sie schaffen ginn.
06)wèi wann Sie nüt dèi eenzeg sollten sinn dèi dem Eecht vum Liewen an den Aan hun kucken missen.
07)dat eisen LBB Grill um Virowend vun Nationalfeierdaag an der Groussgaass nees ganz gudd besicht wor.
08)wèi wann den Pow-Wow och dëst Joër nees gudd besicht wor trotz dem nüt esou idealen Wieder.
09)wèi wann Lèiwenfest dëst Joër am Thema '1001 Nacht' stoung an nees super gudd bei Lèit ukomm ass.
10)wèi wann d'LionsBleus fir den entretien vum Terrain een neien Mèitrakteur & eng Mèimaschin kruuten.
11)dat no laangem hin & hier ab dësem September e puer Unpassungen an den Altersstufen gemaach gouf.
12)wèi wann d'Rentrée mat eiser èischter Schnupper-Gruppen-Réunion Jidderengem Spaass gemeet huet.
13)dat Lions Bleus sèch deen Event > Assermentation vum Neien Chef-Scout nüt entgoën wollten loossen.
14)wèi wann Quagga beim Versuch ze Héllefén eng mèi intensiv Erfahrung mam DutchOven gemaach haat.
15)wèi wann eis fuschnei Scoute direkt an der Troupe kloér gemeet hun dat Sie zimlech gudd Éisser wieren.
16)dat Scouten beim lessenlidd wuel richteg Honger haaten an mat voller Stëmm zesummen gesongen hun.
17)dat eis Beaver an der letzter Versammlung richteg erschreckt goufen an baal een Herzinfakt kruuten.
18)wèi wann ét dës Joër leider nix ginn wor mam ViizWeekend & Äppelstuff duerch den Engpass un Äppel.
19)wèi wann sèch zwee aal Rover Huesen zesummen gesaat hun an schon matzen an der Planung sinn.
20)dat ét schon nees iwwer 9 Joër hier sinn wou mer um Groussen Gruppen Summercamp énnereewee worn.
21) ...

et schéngt nüt némmer

et schéngt nüt némmer

- 01)wèi wann den Tahr an Inia d'Wöllefchers-Ekipp, respektiv Rover-Ekipp kompletereren wärten.
02)wèi wann hien nüt deen eenzegen deen owend wor, deen mat enger gudder Bélz heemgaangen ass.
03)dat Sie fir hier Leeschungen nei Maskottercher kruuten an d'Wöllef nach als Plus een Mât de Meute.
04)wèi wann daat nach nüt dèi Letzten Iwwerraschung sollt sinn an demnächst nach Neies gèif nokommen.
05)dat Geschwëster Reiners an der Schwäiz hänke bliwwen sinn an hiert Glèck an der Arbësch do sichen :
06)dat den Nékkel lo no sènger Hochzait zerèck op Lëtzebuerg koum an den Elterenbetrieb iwwerholl huet :
07)wèi wann eisen DJ Fish wiirklech ALLES ginn hätt bis zum Schluss bis keen mèi danzen/stoën konnt.
08)dat daat d'Kanner absolut nüt gestéiert huet an Sie ganz nom Motto voll Power & Energie ginn haaten.
09)dat mir Sie jo och verwinnt haaten mat enger Lounge, Deko & lessen vum Feinsten an enger mega Show.
10)dat d'Aarbësch elo 3 mol mèi einfach & sèier gèif goën an ét ab elo direkt och vill mèi Spaass gèif maan.
11)wèi sou déi nei Branche 'Tembo' entstan ass, dèi dann ab elo eis sougenannten Rover+ repräsentieren.
12)dat eis Kanner frô worn dat d'Scouten endlech nees usinn & vill Neier mat am um Start dobai worn.
13)wèi wann MIR trotz dem top Wieder ganz gudd vertrueden worn mat ém dèi 45 Lèit vun jonk bis aal :)
14)dat hat Gewicht énnerschaat haat, op de Fouss gefall ass an dono no Urgence eben Zèif gebrach wor
15)dat'en Cheffen ab elo Duebel Portion rechnen müssen an och endlech nees Beans kënnen kaafen...
16)wèi wann do dann awer bëssi zevill Energie hannendrun wor an Sie kollektiv mat der Bänk émgefall sinn.
17)wèi wann BV Cheffen am Büro d'Trooter erëmfonnt haaten an dës och ausprobèieren hun missten
18)dat Troupe sèch dovunner nüt stèieren gelooss huet an awer spontan een Faass voll Viiz gepresst hätt.
19)dat Sie sèch gemellt hätten fir deen èischten Rover/Tembo Weekend Winter-Edition ze organisieren.
20)wèi wann fir 2020 schon Alles um unlaufen ass fir dat mer an gudd 8 Mèint an CORSE kënnen starten.
21) ...

les amis des Lions Bleus

amis LBB

M.Schintgen Claude, Goebbels Joanne, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, Mchale Evelyn/Drennan, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Fam.Klein-Schmit, Anonyme, MM Majerus Patrick, MME Federmeyer Berthe, M.Grin Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Thibo Charles, Famille Reiners, Fam.Zimer, Fam.Engel, M.Minn Claude, Fam.Theisen/Jhang Katia, ...

3 Mèintprogramm

3 Mèintprogramm

november'19		dezember'19		januar'20	
Fr	1			Më	1
Sa	2	BV/LX HalloweenParty		Do	2
Sö	3			Fr	3
Me	4			Sa	4
Dë	5			Sö	5
Më	6			Me	6
Do	7			Dë	7
Fr	8			Më	8
Sa	9	BV/LX/TV LB Schaff Weekend		Do	9
Sö	10	LB Schaff Weekend		Fr	10
Me	11			Sa	11
Dë	12			Sö	12
Më	13			Me	13
Do	14	COMITÉ		Dë	14
Fr	15			Më	15
Sa	16	BV/LX/PV		Do	16
Sö	17	FNEL EX-Hike		Fr	17
Me	18			Sa	18
Dë	19			Sö	19
Më	20			Me	20
Do	21			Dë	21
Fr	22			Më	22
Sa	23	BV/LX/TV/R-EX		Do	23
Sö	24			Fr	24
Me	25			Sa	25
Dë	26			Sö	26
Më	27			Me	27
Do	28			Dë	28
Fr	29			Më	29
Sa	30	LX/TV/R-EX BV Sortie / LB Shop		Do	30
				Fr	31

Allerlässt Wandrous - Säit

www.lionsbleus.lu



Den ScoutsGrouss wor wuel nüt fir jiddereen
ganz einfach op der Assermenta on...sou och
fir den Härr Etgen...wèinstens huet hien per
Tauchsprooch matgedeelt dat Alles OK ass
an dat en fir den neien ScoutsChef ass
;) ;)



*THAT'S ALL FOLKS